ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Oktober 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Zuel vun de Covid19-Infektioune klëmmt an d'Diskussioun ëm Riskogebidder gëtt nees akut. Bei Auslandsreessen gëtt op ville Plazen nees e rezent negativt Testresultat vu maximal 48 Stonne virdrun gefuerdert. Dat ass zäitlech, wann een un d'Virbereedung vun enger Auslandsrees denkt, eng zousätzlech Belaaschtung fir dës Leit, besonnesch, well et deelweis zu laange Waardezäite kënnt, wéi eis vu Maarnech zougedroe gouf. Duerfir hunn ech zwou ganz konkret Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Wéini gëtt nees eng séier Prozedur fir obligatoresch Covid19-Tester bei Auslandsreesen agefouert?
2. Wär dës net am Kader vun de méi grousse Kapassitéite vun de Large-Scale-Testing-Infrastrukture méi sënnvoll wéi am normale Testing an de Laboratoiren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten